


## GESTANK a KAMÉIDI : d'BIGS huet eng Entrevue mam Schäfferot ugefrot

Op hirer Generalversammlung vum 4. Mäerz hat d'BIGS weider Aktiounen zum Thema Kaméidi a Gerochsbelästegungen an eiser Gemeng decidéiert. Duerch de Confinement sinn déi Pläng an den Hannergrond gerutscht ma déi dagdeeglech **Beanträchtegunge** vun der **Liewensqualitéit** vun eise Matbierger huet eis dra bestäerkt, niewent dem Dossier Contournement och hei nees ëffentlech aktiv ze ginn.

Membere vun eis hu scho säit enger Zäit systematesch d'Gerochs- an d'**Kaméidi**virkommen dokumentéiert an zeg Kéieren offiziell Plainte bei der Inspektioun vun der Ëmweltverwaltung agereecht. De **Stëbs** an de **Gestank** deen zäitwäis vu KRONOSPAN aus kënnt, ass net méi ze erdroen. Déi Verantwortlech vu KRONOSPAN hate bei enger Visite am Dezember d'lëscht Joer ugekënnegt, Sanéierungs- a Moderniséierungsaarbechten un hirer Filteranlag virzehuelen. Dat schengt dann awer bis elo net geschitt ze sinn.

Fait ass, dass Kronospan zanter Joeren Gestank a Kaméidi mecht, d'Ëmwelt schiedegt a sech nëtt un d'Oplagen an d'Reegelen hällt.  Mir froen eis, op nom Brand vum läschte Joer op hirem Site, déi kloer Uweisungen och ëmgesat goufen oder ob weiderhin fahrlässeg einfach weider gemaach gëtt.  Déi rezenten **Stëbsemissiounen** schéngen duerch en aussergewéinlechen Transfert vun **Äschen** vun der Indoor-Lagerplatz op Camionen, déi des Äschen op d'Offallbehandlungsplatz sollen evakuéieren, verursaacht ze sinn. Mär ginn der Saach no.

Dofir lancéiert D'BIGS hier geplangten Aktioun Kloen ze sammelen a rifft all Bierger a Biergerin aus der Gemeng op, sech iwwert Email bei eis ze mëllen fir den Dossier fir eng **Entrevue mam Schäfferot an der Ëmweltministesch** ze preparéieren.

***Eng weider Affaire à suivre...***



CARTE DE MEMBRE

DONS - SOLIDARITÉ

## OPRUFF un d'Leit aus der Gemeng SUESSEM

**Gëtt är Liewensqualitéit och ëmmer méi oft negativ beaflosst duerch eng staark Belästegung vu GEROCH a NUETSKAMÉIDI ?**

**Mir wëllen där Saach op de Fong goen an d'Verursaacher erausfannen. Mellt Iech wann der och betraff sidd!**

**Zesummen kenne mir eppes ënnerhuelen !**





**Et ass wichteg, dass all Zwëschefäll dokumentéiert ginn. Maacht Fotoen, schreiwt iech den Datum an d'Auerzäit op!**

**Huelt Kontakt mat der Biergerinitiativ op. Mir sammelen alles an konfrontéieren d'Ëmweltverwaltung mat den Donnéeën!**

**Stéchwuert : Geroch & Kaméidi**

**leardini@pt.lu    clazov22@pt.lu    rborrel@pt.lu    bigs@pt.lu**

**RAPPEL !**

**Mir wollten eis Memberen drun ërenneren hier Cotisatioun vun 2020 ze kontrolléieren an wann nach net geschitt hier Memberskaart ze bezuelen (10 €). All weideren DON gëtt gebraucht fir Aktiounen vun der BIGS ze finanzéieren !**

**MERCI all deenen déi dat scho gemeet hunn!**

**CCPL IBAN LU78 1111 1984 6095 0000**